



MUSÉE NATIONAL
DE LA **RÉSISTANCE** ET DES
DROITS HUMAINS

Esch/Uelzecht, den 7. Dezember 2021

Pressecommuniqué

Oppene Bréif un all déi, déi un de Manifestatioune vu leschte Samschdeg deelgeholl hunn,

Als Bierger vun engem demokratesche Land hutt Dir d'Recht, Är Oppositoun géint Reegelen, déi de Stat aféiert, auszedrécken. Dir hutt d'Recht ze schwätzen an ze schreiwen, ze demonstréieren an déi Reegele viru Geriicht unzefechten. Wat awer kloer ass: de Spillraum fir an engem demokratesche Land Oppositoun oder Widderstand ze maachen ass vun de Gesetzer kloer definéiert. Vandalismus, Bedreeung a Gewalt si net zoulässeg.

Verschiddener vun lech drécke widderhuelen aus, dass Lëtzebuerg am gaange wär, sech an en autoritäre Stat ze verwandelen. Déi Interpretatioun ass awer nëmme méiglech wann ee net verstan huet, wéi eng Demokratie funktionéiert. D'Bierger wielen d'Vertrieder, déi fir si d'Decisionen huelen. Wann eng Majoritéit vu Leit fënnt, dass d'Volleksvertrieder hier Aufgab net zefriddestellend erfëllen, kann d'Vollek d'Verantwortung bei de nächste Walen anere Leit iwwerdreen. Et gehéiert zu de Spillreegelen, dass Politiker an der Oppositoun, grad wéi d'Leit, deenen hier Favoritte et net an d'Majoritéit gepackt hunn, dat acceptéieren. Verschiddener soen, eist Land wär eng Diktatur. Wann dat de Fall wär, géif Är Oppositoun net toleréiert ginn, an Dir wiert masseweis verhaft ginn.

Och an enger Demokratie kënnen net jidder eenzele seng Wënsch a Virstellungen ëmgesat ginn. Domat muss jidderee vun eis kloerkommen. Dat ass och esou an enger direkter Demokratie, wou d'Vollek via Referendum decidéiere kann. Et ass duerchaus warscheinlech dass bei enger Volleksofstëmmung iwwert Covid-Reegelen eng Majoritéit vun de Lëtzebuurger Bierger de Kurs vun der Regierung géif ënnerstëtzen.

En Deel vun lech hunn e Samschdeg erëm Parallele gezunn tëscht der Situatioun vun haut an der Zäit vum Zweete Weltkrich. Dat baséiert entweder op engem flagrante Mangel un historiesche Kenntnisser oder, an dat ass méi warscheinlech, op enger bewosster Verfälschung an

MUSÉE NATIONAL de la RÉSISTANCE et des DROITS HUMAINS

Place de la Résistance L-4041 Esch-sur-Alzette
Boîte postale 377 L-4004 Esch-sur-Alzette

+352 548472
info@mnr.lu

Fondation d'utilité publique RCS G241
BCEE LU72 0019 5155 0797 2000

mnr.lu



MUSÉE NATIONAL
DE LA RÉSISTANCE ET DES
DROITS HUMAINS

Instrumentaliséierung vun der Geschicht. Et ass ass net acceptabel wa Leit sech als Affer verkafen, nodeem se sech d'Recht geholl hunn, anerer anzeschüchteren, eis Ministeren ze bedreeën, de Chrëschtmaart ze stiermen an sech virum Monument vun der Gëlle Fra ze produzéieren. Et ass wuel keen Zoufall dass dës Biller un de Stuerm op de Kapitol zu Washington, resp. op de Reichstag zu Berlin, d'lescht Joer, erënneren. Esou Vergläicher sinn ongeheierlech géintiwwer allen Affer vum NS-Regime. Dir sidd net Affer vun engem verbriecheresche Regime! Dir sidd net d'Vollek! Dir sidd och keng Minoritéit! Dir hutt just eng lwwerzeegung, déi minoritär ass.

Eenzeler gi méi wäit, notzen de sougenannte „Juddestär“, dee jiddesch Bierger a ganz Europa stigmatiséiert huet. Sech matt de 6 Milliounen Affer vum Holocaust gläichzesetzen ass onsäglech an infek. Grad ewéi Parallelen ze zéien tëscht eise Politiker an deem Regime, dat den Holocaust duerchgezunn huet, oder d'lwwerzeegungsaarbecht vun der Regierung an d'Covid-Reegelunge mat der Vernichtung vun allen europäesche Judden ze vergläichen. Dat ass net nëmmen eng Verharmlosung vun engem vun de schlëmmste Verbrieche vun der Mënschheetsgeschichte, dat ass Negationismus - an deem ass strafbar.

Firwat toleréiert Dir esou Methoden ? Firwat acceptéiert Dir dass radikal Elementer lech instrumentaliséieren ?

Och wann Dir géint d'Impfung sidd, et gétt nëmmen eng Méiglechkeet: Indignez-vous.

Musée national de la Résistance et des Droits Humains

MUSÉE NATIONAL de la RÉSISTANCE et des DROITS HUMAINS